

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„D'Resultater vum leschten Inventaire phytosanitaire 2023 vun der Natur- a Bëschverwaltung hu gewisen, dass 14,5% vun de Beem komplett gesond sinn. 2013 waren et nach 33,8%. An 2023 gouf och fonnt, dass 12,3% vun de Beem scho souzesoen dout (déperissement avancé) oder wierklech dout sinn, wat immens beonrouegend ass. De Gesondheitszoustand vun de Beem zu Lëtzebuerg huet sech staark verschlechtert. Extrem Wiederkonditiounen kënnen dozou féieren, dass d'Entlaubung vun de Beem méi fréi an der Saison geschitt. Zum Beispill haten déi anormal waarm an dréche Fréijoren a Summeren tëscht 2018 an 2020, 2022 an 2023 en Impakt op d'Gesondheet vun de Beem.

Lëtzebuerg huet den 12. Juli 2023 en neit Bëschgesetz adoptéiert fir d'Bëscher nach besser ze schützen a gläichzäiteg eng sanft Exploitatioun z'erméiglechen.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit folgend Froen stellen:

- Wéi eng konkret Projete lafe fir dem verschlechternde Gesondheitszoustand an der verschlechternder Resilienz vun de Bëscher entgéintzewierken? A wéi enge Regiounen oder Gemengen lafen déi Projeten?

- Wat gesäit de Minister vir fir massiv nei unzeplanzen an de Verloscht u Beem ze kompenséieren? Wat fir Aarte vu Beem kann een dobäi virgesi, déi méi klimaresistent sinn? Wéi eng konkret Mesurë ginn ëmgesat vir eis Bëscher generell méi klimaresilient ze maachen?

- Verschidden Organismen, wéi de Borkenkäfer, kënnen massiv Defoliatiounen vun de Beem erbäibréngen. Ass z'erwaarden, dass duerch den naassen Hierscht a Wanter de Borkenkäfer manner Schued uriichte kann?"

Mat déiwem Respekt,



Gilles BAUM
Deputéierten



Luc EMERING
Deputéierten